Vergläich vun der Transparenz vun de lëtzebuergeschen Parteien

Piratenpartei Luxemburg
ahoi@piratepartei.lu

Inhalt verfügbar unter der CC-Lizenz
CC-BY-NC-SA

Juni 2011

Inhaltsverzeichnis

1 Einleitung **3**

2 Piratepartei **4**

3 CSV **7**

4 LSAP **9**

5 DP **12**

6 Déi Gréng **14**

7 Déi Lénk **16**

8 ADR **18**

9 KPL **20**

1 Einleitung

Wéi transparent sinn d'lëtzebuerger Parteien?

Vir dëser Fro op de Grond ze goen hunn d'Membere vun der Piratepartei dësen Dossier erstallt. Gesicht goufen Informatiounen zu de Parteien, op nationalem Niveau, déi ëffentlech fir Net-Memberen zougänglech sinn.

D'Auteuren hunn sech verpflicht d'Informatiounen sou gewëssenhaft an objektiv wéi méiglech nozesichen. Sollten sech awer Feeler ageschlach hunn biede mer ons doriwwer ze informéieren, sou dass mer et kënne berichtegen.

1.1 Auteuren

Piratepartei Lëtzebuerg

www.piratepartei.lu
ahoi@piratepartei.lu

2 Piratepartei

2.1 Comité

D'Membere vum Comité ginn op der Websäit virgestallt[1]. Kontaktdaten a weider Informatioune sinn verfügbar. D'Niewenakommes ginn, souwäit applicabel, ugewisen.

D'Comitéssëtzunge ginn ëffentlech, och fir Net-Memberen[2] per Telefonskonferenz ofgehalen. Interesséiert Memberen a Gäscht kënnen nolauschteren a matschwätzen. D'Protokoller ginn direkt no der Sëtzung verëffentlechen, inklusiv engem Audio Recording vun der ganzer Sëtzung[3].

2.2 Finanzen

D'Finanze vun der Piratepartei gi vun der Piratepartei Lëtzebuerg Asbl. (nr. F8232) verwalt. Den aktuelle Kontostand a Kontobewegunge sinn op der Websäit ze fannen[4]. Detailer zu den Ausgabe sinn an de Protokoller vun de Sëtzungen ze fannen[5].

Eng Spendeniwwersiicht vun der Piratepartei ass op der Websäit ze fannen[6]. Spenden ab 1.500 Euro gi mam Numm vum Spender verëffentlecht.

D'Bilan'en pro Joer vun der Piratepartei sinn am Wiki ze fannen[7]. Provisoresch (net vum Landeskongress ofgeseent) méintlech Bilane ginn onregelméisseg verëffentlecht.

[1] http://piratepartei.lu/organer
[2] http://wiki.piratepartei.lu/wiki/Präsidium:Index#Präsidiumssitzungen
[3] http://piratepartei.lu/organer
[4] http://piratepartei.lu/partei/zuelen
[5] http://wiki.piratepartei.lu/wiki/Präsidium#Protokolle
[6] http://piratepartei.lu/spenden/spendeniwwersiicht
[7] http://wiki.piratepartei.lu/wiki/Bilans

2.3 Memberszuelen

Déi aktuell Memberszuele ginn all zwou Wochen an der ëffentlecher Präsidiumssetzung presentéiert[8]. Ob der Websäit ginn dës Zuelen all Mount aktualiséiert[9].

2.4 Parteiaarbecht

D'Piratepartei huet eng ëffentlech To-Do Lëscht an Aarbechtsgruppen[10]. Iwwert déi ëffentlech Mailingslëscht gi regelméisseg Informatiounen iwwert aktuell Aarbechte veröffentlecht[11].

2.5 Kongresser

D'Landeskongresser sinn ëffentlech, vir all Member a fir Gäscht, ausser de Kongress décidéiert eppes aneschters. Déi uerdentlech Kongresser gi live iwwert den Internet gestreamed[12]. Agenda, Kandidaturen an Anträg sinn virum Kongress ëffentlech verfügbar[13]. D'Protokoller vun de Kongresser sinn um Wiki ze fannen[14].

2.6 Wahlen an Ofstëmmungen

Virstandswahle ginn um ëffentleche Landeskongress ofgehalen. Kandidature fir dës Wahle kënnen zu all Zäitpunkt ëffentlech presentéiert ginn[15].

Entscheedungen am lafende Betrib ginn an den ëffentleche Sëtzunge geholl[16] oder per Emlaafbeschloss, déi bei der nächster ëffentlecher Sëtzung annoncéiert an an de Protokoller festgehale ginn[17]. Et gëtt ernimmt wéieen Präsidiumsmember wéi ofgestëmmt huet.

[8] http://wiki.piratepartei.lu/wiki/Präsidium#Protokolle
[9] http://piratepartei.lu/partei/zuelen
[10] http://piratepartei.lu/matmaache
[11] http://lists.piratepartei.lu/mailman/listinfo/pp-discuss
[12] http://piratepartei.lu/pm/piratenpartei-luxemburg-setzt-die-segel-fuer-die-wahlen-2014
[13] http://wiki.piratepartei.lu/wiki/Landeskongress_2010
[14] http://wiki.piratepartei.lu/images/c/ca/Protokoll_LK2010.pdf
[15] http://wiki.piratepartei.lu/wiki/Landeskongress_2010:Kandidaturen
[16] http://wiki.piratepartei.lu/wiki/Präsidium#Protokolle
[17] http://wiki.piratepartei.lu/wiki/Präsidium#Protokolle

2.7 Dokumenter

Veröffentlecht Publikatioune sinn op der Websäit ze fannen[18]. Offiziell Dokumenter sinn op der Websäit (Statuten[19], Parteiprogramm[20]) an am Archiv ze fannen (Grënnungsdokumenter[21], Protokoller zu de Sëtzungen a Kongresser, oppe Bréiwer).

2.8 Kommunikatioun

- Websäit: http://piratepartei.lu/
- Facebook: http://www.facebook.com/PirateparteiLu
- Twitter: http://twitter.com/PirateparteiLu
- Youtube: http://www.youtube.com/Piratepartei
- Newsletter: http://newsletter.piraten.lu/?p=subscribe&id=1
- Mailinglescht: http://lists.piratepartei.lu/mailman/listinfo/pp-discuss
- Forum: http://forum.piratepartei.lu/

Dës Kommunikatiounsmëttel sinn all ëffentlech, och fir Net-Memberen, ze erreechen.

[18] http://piratepartei.lu/publiklu
[19] http://piratepartei.lu/partei/satzung
[20] http://piratepartei.lu/positioune/parteiprogramm
[21] http://wiki.piratepartei.lu/wiki/Oppen_Bréiwer

3 CSV

3.1 Comité & Deputéiert

De Nationalcomité gëtt op der Websäit virgestallt[1]. Et si keng Kontaktdonnéëen, mais dofir weider Informatioune verfügbar. Et gi keng Niewenakommes, oder soss berufflech Tätegkeeten ugewisen.

Et si keng Informatiounen zu de Comitéssetzungen ze fannen; weder Protokoller nach d'Datumer wéini se ofgehale goufen.

D'Deputéiert ginn op der Websäit virgestallt[2]. Et gi keng Kontaktdonnéëen, Niewenakommes, oder soss berufflech Tätegkeeten ugewisen. Dës Informatiounen sinn op der Säit chd.lu ënnert de jeeweilegen Deputéierten ze fannen, allerdéngs ouni Detailer (z.B. Zuelen vum Niewenakommes).

3.2 Finanzen

Bilanen an Informatiounen zu erhalende Spende sinn nëmmen op der Säit vun der Chamber ze fannen[3].

3.3 Memberszuelen

Et gi keng ëffentlech Informatiounen zu de Memberszuele vun der CSV.

[1] http://csv.lu/lb/annuaire/comites/national.html
[2] http://csv.lu/lb/annuaire/fraction.html
[3] chd.lu >Organisation et fonctionnement >Organisation >Financement des partis politiques

3.4 Parteiaarbecht

Et gi keng Informatiounen zur aktueller Parteiaarbecht oder wéi en sech ka bedeelegen.

3.5 Kongresser

D'Kongresser sinn op de verschiddensten Niveaue just fir Memberen (Sektioun) respektiv ausgewielte Memberen (Bezierk, National) accessibel[4].

Weider Informatiounen (Protokoller, Streaming etc.) sinn net op der Websäit ze fannen.

3.6 Dokumenter

Op der Websäit vun der CSV sinn d'Wahlprogrammer säit 1999[5], d'Statuten[6] an de Koalitiounsaccord fir d'Legislaturperiod 2009-2014[7] ze fannen.

D'Parlamentaresch Ufroe vun de CSV-Deputéierte sinn um Site uginn[8].

3.7 Kommunikatioun

- Websäit: http://csv.lu/
- Facebook: http://www.facebook.com/csv.lu
- Newsletter: http://csv.lu/lb/newsletter/

Dës Kommunikatiounsmëttel sinn all ëffentlech, och fir net Memberen, ze ereechen.

[4]http://csv.lu/upload/wysiwyg/file/CSV Partei/statuten_2006.pdf
[5]http://csv.lu/lb/documents/
[6]http://csv.lu/upload/wysiwyg/file/CSV Partei/statuten_2006.pdf
[7]http://csv.lu/lb/pages/gouvernement_coalition.html
[8]http://csv.lu/lb/actualites/categories/25/

4 LSAP

4.1 Comité & Deputéiert

D'Parteileedung gëtt um Website namentlech opgezielt[1]. Weder Kontaktdonnéëen nach weider Informatioune sinn verfügbar.

Den Exekutivcomité gëtt um Website virgestallt[2]. Hei sinn Kontaktdonnéëen verfügbar, mais keng weider Informatiounen.

Bei deenen zwee Comitéë sinn keng Niewenakommes, oder soss berufflech Tätegkeeten ugewisen.

Et si keng Informatiounen zu de Comitéssëtzungen ze fannen; weder Protokoller nach d'Datumer wéini se ofgehale goufen.

D'Deputéiert ginn op der Websäit virgestallt[3].

4.2 Finanzen

Op der Websäit vun der LSAP sinn keng Informatiounen iwwert d'Finanze vun der Partei oder vun der Fraktioun ze fannen. Bilanen an Informatiounen zu erhaalene Spende sinn nëmmen op der Säit vun der Chamber ze fannen[4].

4.3 Memberszuelen

D'Memberszuel ass um Website verfügbar[5].

[1] http://lsap.lu/lsap_Parteileedung.126-5.html
[2] http://lsap.lu/lsap_Exekutiv.127-5.html
[3] http://lsap.lu/lsap_Membren.73-5.html
[4] chd.lu >Organisation et fonctionnement >Organisation >Financement des partis politiques
[5] http://lsap.lu/lsap_Generell-informatiounen.68-5.html

4.4 Parteiaarbecht

D'LSAP huet ëffentlech Aarbechtsgruppen[6].

4.5 Kongresser

D'Kongresser sinn ob allen Niveaue just fir Memberen oder Sympathisanten[7] accessibel[8].

D'Resolutioune vun alle Kongresser säit 2000 sinn um Website ze fannen[9]. Et sinn allerdéngs keng Protokoller ëffentlech.

4.6 Dokumenter

Op der Websäit vun der LSAP fënnt een d'Statuten[10], de Wahlprogramm vun 2009[11], de Grondsazprogramm[12] an de Koalitiounsaccord fir d'Legislaturperiod 2009-2014[13].

D'Parlamentaresch Ufroe sinn um Site ze fannen[14].

4.7 Kommunikatioun

- Websäit: http://lsap.lu/
- Facebook: https://www.facebook.com/pages/LSAP/47216059667
- Youtube: http://www.youtube.com/user/LSAP2010
- Twitter: http://www.twitter.com/e_LSAP

Soss ginn et keng weider Kommunikatiounskanäl.

[6] http://lsap.lu/lsap_Aarbechtsgruppen.71-5.html
[7] fest an der Satzung définéiert
[8] http://lsap.lu/lsap_Statuten.137-5.html
[9] http://lsap.lu/lsap_Kongress.128-5.html
[10] http://lsap.lu/lsap_Statuten.137-5.html
[11] http://lsap.lu/lsap_Wahlprogramm.139-5.html
[12] http://lsap.lu/lsap_Grondsazprogramm.138-5.html
[13] http://lsap.lu/lsap_Wahlprogramm.139-5.html
[14] http://lsap.lu/lsap_Questions-parlementaires.105-5.html

4.8 Sonsteges

D'LSAP stellt op hirem Site och hir Mataarbeschter vir[15].

[15] http://lsap.lu/lsap_Mataarbechter.146-5.html

5 DP

5.1 Comité & Deputéiert

Di gesamt Parteileedung souwéi d'Fraktioun an der Chamber ginn um Website virgestallt an et gi Kontaktméiglechkeeten, haaptsächlech E-Mail-Adresse gebueden[1].

5.2 Finanzen

Bilanen an Informatiounen zu erhaalene Spende sinn nëmmen op der Säit vun der Chamber ze fannen[2].

5.3 Memberszuelen

Et gi keng ëffentlech Informatiounen zu de Memberszuele vun der DP.

5.4 Parteiaarbecht

Et gi keng Informatioune zur aktueller Parteiarbecht oder wéi ee sech ka bedeelegen.

5.5 Kongresser

Um Landeskongress vun der DP sinn alleguerten d'Memberen invitéiert, allerdéngs si Gäscht ausgeschloss[3]. De Landeskongress 2011 gouf allerdéngs live op hirem Site gestre-

[1] http://www.dp.lu/parti.php?lang=1
[2] chd.lu >Organisation et fonctionnement >Organisation >Financement des partis politiques
[3] http://www.dp.lu/docs/dl/statuts.pdf

amed.

Ob der Websäit vun der DP fannen sech weder Protokoller nach soss Informatiounen zu hire vergaangene Kongresser.

5.6 Dokumenter

Um Website vun der DP fannen sech d'Statuten[4] an de Grondsazprogramm[5].

5.7 Kommunikatioun

- Websäit: http://www.dp.lu
- Facebook: http://www.facebook.com/group.php?gid=32608488933&v=wall
- Youtube: http://www.youtube.com/user/dpletzebuerg

Et kann een sech um Site vun der DP fir een Newsletter aschréiwen.

[4]http://www.dp.lu/docs/dl/statuts.pdf
[5]http://www.dp.lu/docs/dl/dp_grundsatzprogramm.pdf

6 Déi Gréng

6.1 Comité & Deputéiert

D'Membere vum Comité an d'Deputéiert ginn op der Websäit virgestallt[1]. D'Niewenakommes ginn, souwäit applicabel, ugewisen ("Déclaration des intérêts").

6.2 Finanzen

D'Bilanen an d'Budgete säit 2006 vun déi Gréng sinn op der Websäit accessibel[2]. Méi genau Informatiounen zu den erhaalene Spende fannen sech just um Site vun der Chamber[3].

6.3 Memberszuelen

Et gi keng ëffentlech Informatiounen zu de Memberszuele vun déi Gréng.

6.4 Parteiaarbecht

Et gi keng Informatiounen zur aktueller Parteiaarbecht oder wéi ee sech ka bedeelegen.

[1] http://deigreng.lu/qui-sommes-nous/membres/19 an http://deigreng.lu/qui-sommes-nous/membres/24
[2] http://www.deigreng.lu/finances
[3] chd.lu >Organisation et fonctionnement >Organisation >Financement des partis politiques

6.5 Kongresser

D'Kongresser op alle Niveaue sinn fir all Member accessibel. Gäscht, déi net bei iergendenger anerer Partei Member sinn, dierfen, falls de Kongress dat esou décidéiert, dobäi sinn[4].

Et fannen sech um Website keng Protokoller oder soss Informatioune vun de vergaangene Kongresser.

6.6 Dokumenter

Um Website vun deene Grénge fënnt een d'Wahlprogrammer säit 1999 an d'Statuten[5].

6.7 Kommunikatioun

- Websäit: http://www.deigreng.lu/
- Facebook: http://www.facebook.com/pages/déi-gréng/21710789873
- Twitter: http://twitter.com/deigreng
- Youtube: http://www.youtube.com/deigreng#p/u/1/H-LKVxrDJfQ

Et gëtt en regelméissegen Newsletter vun Déi Gréng, deen een um Website kann abonnéieren.

Dës Kommunikatiounsmëttel sinn all ëffentlech, och fir Net-Memberen, ze erreechen.

[4]http://www.deigreng.lu/node/217
[5]http://www.deigreng.lu/node/217

7 Déi Lénk

7.1 Comité

Déi national Koordinatioun souwéi den "bureau de coordination"gin op der Website just namentlech ouni Kontaktméiglechkeeten virgestallt. D'Keesepréifer gin derbäi och ernimmt[1].

7.2 Finanzen

Déi eenzeg Informatioun déi di Lénk op hirem Site zu hire Finanzen hunn, ass de Bilan aus dem Joer 2009[2]. Weider Informatioune sinn nëmmen um Site vun der Chamber ze fannen[3].

7.3 Memberszuelen

Et gi keng ëffentlech Informatioune zu de Memberszuelen vun déi Lénk.

7.4 Parteiaarbecht

Um Website sinn "groupes de travail"virgesinn, mais et gëtt keen Inhalt ënnert dëser Rubrik[4].

[1] http://www.dei-lenk.lu/dei-lenk/organes
[2] http://www.dei-lenk.lu/sites/default/files/bilan financier 2009_0.pdf
[3] chd.lu >Organisation et fonctionnement >Organisation >Financement des partis politiques
[4] http://www.dei-lenk.lu/dei-lenk/groupes-de-travail

7.5 Kongresser

D'Nationalkongresser vun Déi Lénk sinn oppe fir jiddereen[5].

Et ginn zwar keng Protokoller vun de vergaangene Nationalkongresser, d'Resolutiounen an aner wichteg Décisiounen ginn allerdéngs um Site public gema[6].

7.6 Dokumenter

D'Statuten vun déi Lénk sinn direkt um Site opruffbar[7].

D"Questions parlementaires' [8] souwéi d"initiatives parlementaires'[9] sinn um Website accessibel.

7.7 Kommunikatioun

- Websäit: http://dei-lenk.lu/
- Facebook: http://www.facebook.com/pages/Déi-Lénk/120444648033670
- Twitter: http://twitter.com/dei_lenk
- Youtube: http://www.youtube.com/user/deilenk2009

Et gett och een Newsletter vun Déi Lénk, deen een um Website kann abonnéieren.

[5]http://www.dei-lenk.lu/de/dei-lenk/statuten
[6]http://www.dei-lenk.lu/de/node/6303
[7]http://www.dei-lenk.lu/de/dei-lenk/statuten
[8]http://www.dei-lenk.lu/chambre/questions-parlementaires
[9]http://www.dei-lenk.lu/node/5194

8 ADR

8.1 Comité

Den nationalen an di regional Comitéë ginn op der Website just namentlech presentéiert. Et gi keng Kontaktméiglechkeete fir di eenzel Comitésmembere gebueden[1].

8.2 Finanzen

Op hirem Website sinn keng Informatiounen iwwert d'Parteifinanzen ze fannen. Weider Informatioune sinn nëmmen um Site vun der Chamber ze fannen[2].

8.3 Memberszuelen

Et gi keng ëffentlech Informatiounen zu de Memberszuele vum ADR.

8.4 Parteiaarbecht

Et gi keng Informatiounen zur aktueller Parteiaarbecht oder wéi en sech ka bedeelegen.

8.5 Kongresser

De Nationalkongress vun der ADR ass just fir Memberen.

[1] http://www.adr.lu/cgi-bin/cms?_SID=22393d1161207f6585e4244bbb5436e5267a738a00048788207998&_sprache=de&_

[2] chd.lu >Organisation et fonctionnement >Organisation >Financement des partis politiques

Ob der Websäit vun der ADR fannen sech zwar keng Protokoller vun de vergaangene Kongresser, mais et sinn gréisser Artikele verfügbar[3].

8.6 Dokumenter

D'Geschicht vun der Partei, de Grondsazprogramm[4], d'Statuten[5] esou wéi d'Wahlprogrammer 2009 sinn um Site ze fannen[6]. Doriwwer eraus bitt de Site Accès op d'Parlamentaresch Ufroe vun der Partei an der Chamber[7].

8.7 Kommunikatioun

- Websäit: http://www.adr.lu
- Facebook: http://www.facebook.com/AlternativDemokrateschReformpartei
- Twitter: https://twitter.com/ADR_Letzebuerg
- Youtube: http://www.youtube.com/user/adr1987luxembourg

Et kann een och een Newsletter um Site vun der ADR abonnéieren.

[3]http://www.adr.lu Navigatioun
[4]http://www.adr.lu/upload/dokumente/10122.pdf
[5]http://www.adr.lu/upload/dokumente/11173.pdf
[6]http://www.adr.lu Navigatioun
[7]http://www.adr.lu/cgi-bin/cms?_SID=4b1e4ad5dc74848aa679bfa139641aad7e08d2f800048790933952&&_sprache=de&

9 KPL

9.1 Comité

Nëmmen duerch d'Duerchliese vun der Websäit ze rekonstruéieren. Keng Info zu de Sëtzungen, Protokoller oder soss zum Comité.

9.2 Finanzen

Et gëtt eng ASBL KPL (F3498), ma keng weider Informatiounen op dëst Gerance vun de Finanze vun der KPL iwwerhëlt.

Ob der Websäit fannen sech keng Informatiounen zu de Finanzen.

9.3 Memberszuelen

Et gi keng ëffentlech Informatioune zu de Memberszuelen.

9.4 Parteiaarbecht

Et gi keng Informatiounen zur aktueller Parteiaarbecht oder wéi en sech kann bedeelegen.

9.5 Kongresser

Pressematdeelungen bzw. d'Websäit informéiert iwwert Terminer, et gëtt awer keng Méiglechkeet am Viraus den Orde du Jour am Detail ze gesin.

9.6 Dokumenter

Et si keng Protokoller, Grënnungsdokumenter, Programmen oder Statuten verfügbar.

9.7 Kommunikatioun

- Websäit: http://www.kp-l.org/
- Facebook: https://www.facebook.com/pages/KPL/85903080811?sk=wall

Keng weider Kommunikatiounskanäl.